Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Grupp St. Pirmin vum Séi
12, an der Huuscht
L-9150 Eschdöerf
Tel : 621656789
wellef.vum.sei@gmail.com
http://pirmin.pulse.lu/

Éiter, den 2. Oktober 2010

Léif Wëllef, léif Elteren,

Dat neit Guide-, Scoutsjoer höet ugefong, dofir kennt dann hei lo de Programm fir d'éischt Trimester an allgemeng Informatiounen.

D'Kanner sollen ëmmer de Foulard unhu fir an d'Versammlung ze kommen, si sollen och ëmmer sou gekleet sinn, datt si bei all Wieder kennen erausgoen. (Reenjackett, deck Schung oder Gummisstiwwelen) Et däerf net schlëmm sinn wa Kleeder knaschteg ginn. Et wier praktesch wann äert Kand kéint Schlappen am Chalet hunn.

Fir all eis Aktivitéite braucht der **KEEN** Handy, Gameboy, DS, MP3 oder aner Spillsaachen, mir maachen eist Bescht datt et iech net langweileg gëtt an dir näischt sou braucht . Mir sinn telefonesch erreechbar beim

Martine	621 656789
Pit	691 856084
Michèle	621 360748
Véronique	621 728310
Liz	691 806480
Sarà	621 656768

Den 13. November hu mer geplangt wéi all Joer op Ettelbréck den Theater vun de Guide kucken ze goen. Dës Kéier spillen si d'Momo. Fir datt mir Plaze reservéiere kenne, sot eis w.e.g bis de 16. Oktober Bescheed op dir matgidd oder net. An zwar per mail wellef.vum.sei@gmail.com oder SMS oder Telefon (Moies virun 11 oder owes no 6) beim Martine: 621 656789.
Den Theater ass um 3 Auer, Rendez-vous ass awer schon um 2 Auer beim Chalet. Géint halwer 7 si mir rëm zu Eschdöerf, beim Hotel Braas. Bréngt deen Dag selwer w.e.g. 6€ fir den Theater mat, an evt. Täschegeld, well an der Paus gëtt et Tombola, Kuch a Gedrénks. Ausserdeem braucht dir eng Jumboskaart, oder 2 Kuerzstreckebilljet'en resp. Sue fir een ze kafen.

Op di selwecht Manéier kennt der iech melle fir de Weekend am Dezember.

eis Versammlungen si weiderhi vun 2 bis 4 Auer am Chalet zu Eschdöerf. Ausser laang Versammlungen déi dauere bis 5 Auer.

02. Oktober	Versammlung
16. Oktober	laang Versammlung
23. Oktober	Versammlung
30. Oktober	laang Versammlung
13. November	Guidentheater
20. November	Versammlung
27. November	Versammlung
11. Dezember	laang Versammlung an uschléissend Chrëschtveillée
18. a 19. Dezember	Weekend

8. Januar 2011 1. Versammlung vun 2011

Mir freeën eis schon op dëse Programm.

Mat beschte Guiden- a Scoutsgréiss,
fir d'Chef-ekipp,
Martine.